

Michel Rodange

1827-1876



Ministère de l'Éducation
Nationale, de la Formation
Professionnelle et des Sports




Journée européenne
des Langues

Courrier de l'Éducation Nationale - Septembre 2002
Edition spéciale dans le cadre de la Journée européenne des Langues



Place Michel Rodange zu Steesel
(Foto: Pol Schumacher)
Skulpturen: Schüler vum Lycée technique des Arts et Métiers
ennert der Leedung vum Marcel Tockert)

Deckelsait: Portrait vum Michel Rodange: Frantz Seimetz
Postkaart: Monument Rénert um Knuedler: François Mersch: La Belle Epoque
Zeechnungen aus dem Buch: Editions J.- P. Krippeler-Muller, Luxembourg, 1980
Illustratiounen: Éischte an zéngte Gesank: Pit Weyer



Wie war de Michel Rodange?



Zu Waldbëlleg, an deem sympatheschen Duerf no beim Mëllerdall, ass de Michel Rodange den 3. Januar 1827 op d'Welt komm. Sâi Papp, deen am Napoleon senger Arméi gedéngt hat, war 1814 rëm heemkomm an huet d'Annette Theisen, e Waldbëlleger Meedche bestuet. Hir zu Éieren huet en dat Haus, wat e fir hire Stot gebaut hat, an „Nannetts“ genannt. Sou versteet een, datt de Michel Rodange sech selwer „Nannetsméchel“ genannt huet. Mä schonns 1832 ass de Papp gestuerwen, an déi ganz Laascht vun der Famill louch op de Schëllere vun der Mamm a vun dem eelste Brudder, dem Johann, dee 14 Joer méi al war wéi de Michel Rodange.

No der Primärschoul huet dee jonke Borscht de Wonsch ausgedréckt, fir weiderstudéieren ze dierfen. Sâi Brudder Johann konnt d'Mamm dozou iwwerrieden. E bescheidenen Ufank mécht de Michel Rodange beim Kaploun vu Méchelbuch, wou en zwee Joer laang Ersatzschoulmeeschter gespillt huet. Mat siwwenzéng Joer gong e bei sâi Monni vun der Enteschbaach, fir an der Dikrecher Primärschoul seng Schoulkenntnësser e bëssen ze verdéiwen, an 1845 gouf en als 18. vun 33 Kandidaten an déi nei gegrënnten Normalschoul opgeholl, fir Schoulmeeschter ze ginn.

Seng éischt offiziell Plaz als Schoulmeeschter war zu Steesel, e Glécksfall, well en do eng Rei intressant Frënn fonnt huet, déi en a sengem dichtereschen Elan ënnerstëtzt hunn. Dichteg däitsch Schrëftsteller haten dem Rodange et uge-

doen, an esou ass et ze verstoen, datt seng éischt Gedichter, déi en an der Zeitung „Der Wächter an der Sauer“ zu Dikrech publizéiert huet, staark geprägt ware vun dësen däitschen Dichter.

Et war an der Steeseler Zäit, wou e Bekanntschaft mat dem Magdalena Leysen vu Stroossen gemaach huet, dat 1854 seng Fra gi sollt. Mat hir ass en an d'Fiels geplënnert, eng Plaz, wou e mat déi schéinste Jore vu sengem Liewe verbruecht huet, gëtt mol gesot. Sou sinn eng Rei Gedichter op däitsch entstanden, déi d'Liewesfreed an d'Natur beschreiwten. Mä en dëser Zäitspan entstinn och seng



**Gebuertshaus vum Michel Rodange
zu Waldbëlleg**



De Rénert zu Lëtzebuerg um Knuedler

éischt Versich op Lëtzebuergesch an den Ufank vun dem Tagebuch „Meiner Tochter Elisa“, e Journal, deen e sporadesch bis an d'Joer 1858 geschriwwen huet. An der Fiels sinn seng éischt Kanner op d'Welt komm. Zéng sollten et der am Ganze ginn, mä sechs dovun si ganz jonk gestuerwen.

Am Juli 1859 reecht e seng Demissioun als Schoulmeeschter an, hien hat en Examen als Kantonal-Piqueur gemaach: E sollt d'Bauaarbechter, déi un de Stroosse vu sengem Kanton geschafft hunn, kommandéieren. War et d'Désillusioun, den Hongerloun, deen e Schoulmeeschter deemools verdéngt huet, oder waren et d'Spannung mat de Gemengepappen a mat dem Paschtouer aus der Fiels, déi zu där Décisioun den Ustouss ginn haten? Zum Deel all dat zesummen.

Iechternach, Capellen a Käerch ware seng éischt Statiounen a sengem neie Beruff als Kantonal-Piqueur. Hei

huet e rëm feste Buedem énnert d'Féiss kritt, hei beschäftegt e sech seriös mat der franséischer an der däitscher Literatur a liest griichesche Auteuren an däitscher oder a franséischer Iwwersetzung. Fir e bësse méi laang Zäit, vun 1866 bis 1873, koum en dun op Wolz. An do ass säi „Rénert“ entstanen. Vers ëm Vers a Strof ëm Strof, déi op senger wäite Fousstouren op d'Aarbecht gereimt gi sinn, huet e seng Frënn, dem Apdikter Loutsch an dem Schoulmeeschter Ginter, virgelies. Déi hunn sech dobäi gutt ameséiert, a sou krut hien de Courage, fir säi Wierk ze publizéieren. 1872 koum du säi Wierk beim Éditeur J. Joris énnert dem laangen Titel „Rénert oder de Fuuss am Frack an a Ma'nsgre'sst“ eraus. Säin Numm hat de Rodange net drënner gesat. „Op en neis fotografe'ert vun engem Letzebreger“ war et énnerschiwwen.

Mä him ass mat sengem Rénert dat Schlëmmst geschitt, wat engem Auteur bléie kann: Et huet keen Notiz vu sengem Buch geholl. Just eng kleng

bezuelten Annonce vum Schaumburger, engem Buchhändler aus der Stad, huet drop higewisen. D'Lëtzebuurger waren nach net zeideg fir esou e Wierk. An déi, déi et hätte kënne sinn, hunn sech getréppelt gefillt: d'Kierch, d'Finanzleit an d'Politiker... well esou niewebäi, krut jiddereen de Spigel virun d'Nues gehalten.

En aneren hätt do d'Klëppele bei d'Tromm gehäit. De Rodange net. Kuerz drop setzt e sech dohinn a schreift en Theaterstéck op Lëtzebuergesch: „Dem Grow Sigfrid seng Goldkuommer“.

1873 huet en e Congé vum Statsdéngrscht gefrot, fir bei der Konstruktoun vun der Prënzebunn laanscht d'Sauer ze hëllefen. En ass op lechternach geplënnert a blouf do, bis d'Streck vum Grondhaff op d'Bollendorferbréck fäerdeg war. An där Zäit hätt e wierklech granzeg a knoutereg kënne sinn, well säi Wéi, deen e vu Jonktem u geplot huet, ass ganz schlëmm ginn: e Schwier am Ausgang vum Mo. Mä hien huet sech net ënnerkréie gelooss. No bei senger aler Heemecht huet en d'„Chronik von Waldbillig“ verfaasst an huet u sengem zweete gréissere Wierk op Lëtzebuergesch geschafft, „Dem Le'weckerchen säi Lidd“.

Därbaants war en als Hëllefskonduktuer op Miersch genannt ginn. Mä duer gong en ni, well en an d'Stad versat gi war, fir d'Schläifung vun der Festung Lëtzebuerg z'iwwerwaachen. Hien huet mat senger Famill a Clausen gewunnt.

Säi Mowéi gouf ëmmer méi schlëmm, an nawell huet e sech net ginn. E feilt u sengem „Le'weckerchen“, schreift weider u senger „Chronik von Waldbillig“, iwwerschaft dem „Grow

Sigfrid seng Goldkuommer“ a sammelt seng däitsch Gedichter an engem Manuskriptband.

Fir eng kuerz Zäit gong et em besser, mä ufanks 1876 ass d'Kränkt méi uerg ginn, a sou ass hien dat Joer, de 27. August am Familljekrees gestuerwen. Zwéin Deeg drop gouf en um Nikloskierfecht um Lampertsbierg begruewen.

Sou wéineg wéi vu sengem „Rénert“ geschwat gi war, sou wéineg Ophiewes ass vu sengem Doud gemaach ginn. Et huet laang gedauert, bis d'Lëtzebuurger de Wäert vun dësem Mann an dee vu sengem Wierk erkannt hunn.

Henri Losch



**Stierhaus vum Michel Rodange
a Clausen**

ÉISCHE GESANK



- 1 Et war esou ëm d'Päischten,
't stung alles an der Bléi,
an d'Villercher di songen
hir Lidder spéit a fréi.
- 5 Du rifft de Léiw, de Kinnek,
all Déier op e Fest
am Gréngewald zesummen,
an 't koumen all seng Best.
- 9 Di Räich als wéi di Arem,
den Hirsch an d'Päerd an d'Réi,
se waren all geruff ginn,
a Mitock, Mésch a Kréi.
- 13 Se koumen all mat Träppen,
't gesouch ee bal keen Enn,
zu Fouss an op de Flichten,
mat Schniewlen a mat Zänn.
- 17 A wann och kee géif feelen,
dat wier dem Kinnek léif.
Wien hätt geduecht, datt Rénert,
de Fuuss, ewech do bléif?
- 21 Dien hat e béist Gewëssen,
dat scheid den hellen Dag,
ze go bei all di Hären,
dat war net senger Saach.
- 25 En hat sech s'all gelueden,
e musst et selwer son:
Dem Dachs blouss, sengem Nèwwi,
diem hat en näischt gedon.
- 29 De Kinnek hat verbueden
den Déier, grouss a kleng,
all Stielen a Bedréien
an d'Doudschléi eeschtlech streng.
- 33 De Rénert kennt d'Gesetzer,
an d'Schlëff dra, wi seng Buerg:
Mä kënnt en net gutt driwwer,
da kricht en drënner duerch.
- 37 En duecht: „Du bass beim Kinnek
dach wierklech schunns verklot,
an 't weess een: Wäit vum Feier
kann al ginn den Zaldot.“
- 41 Nun hat um Fest och Fiisschen
keng Grimmel sech verroch:
Vill Déier si beim Kinnek,
dem Fuuss seng Feinden och.
- (...)



De Rénert: Wat ass dat fir eng Geschicht?

Fabelen iwwert raffinéiert Fiiss, déi sech ewéi Mënsche behuelen, verzielen d'Leit sech zanter Joerdausenden.

Dem Goethe säin „Reineke Fuchs“ bruecht d'Fuussefabel als politesch Satir a Moud. Déi Zäit konnt een net alles schreiwen, wat ee geduecht huet, an dofir huet een Déiere schwätze gelooss. Dem Méchel Rodange seng éischt grouss Leeschtung wor et, datt en de Goethe net iwwersat, ma eppes Eegenes, eppes Neits geschaf huet.

De Rodange huet op seng Sprooch opgepasst. En hat Spaass mat der Aart a Weis, wéi d'Vollek friem Vokabelen esou laang geknat huet, bis se koppeg lëtzebuergesch geklongen hunn. Dobäi schwätzen eng Partie Déieren Éisleker, lechternacher, Veianer, Miseler, Stater... Och munnech Gebräicher a Gewunnechte gi geännert, esou datt se an eis Géigend passen. Op 67 Lëtzebuurger Dierfer a Plaze gëtt déi auslännesch Fabel festgeneelt. Just bis an d'Minettsgéigend verlafe sech de Rodange an de Rénert net.

Wéi de „Rénert“ erauskoum, woren et fofzeg Joer hier, datt fir d'éischte Kéier e lëtzebuergesche Saz gedréckt gi war, dem Anton Meyer säin Gedichtband. Eng offiziell Schreifweis gouf et net. D'Leit hu sech beschwéiert, fir Lëtzebuergesch ze liesen. All Dichter hat seng eege Schreifweis. De „Rénert“ besteet aus 14 Gesäng, en ass gereimt an all Strof huet véier Versen.

Schreifweis vum Méchel Rodange:

17 A wann och kee gew fehlen,
Dad wir dem Kinnek léw:
Wien hätt geduecht dat Renert,
De Fuuß, ewäch do bléw?

21 Dien haat e bëst Gewessen,
Dad scheid den hälen Daag;
Ze goo bei all di Hären,
Dad war net senger Saach.

Schreifweis vun haut:


17 A wann och kee géif feelen,
dat wier dem Kinnek léif.
Wien hätt geduecht, datt Rénert,
de Fuuss, ewech do bléif?

21 Dien hat e bëist Gewëssen,
dat scheid den hellen Dag,
ze go bei all di Hären,
dat war net senger Saach.

Wéi dem Rodange säi Jong Albert 32 Joer méi spéit der Dréckerei de Rescht vun deenen onkamoute Bicher fir 15 Su d'Stéck ofkaf huet, krut en nach 687 Bänn. Bannent engem hallwe Joerhonnert ware knapps 300 „Rénerte“ verkaf ginn.

De „Rénert“ hat mam Fanger drop gewisen, wéi d'Vollek ugeschmiert an ausgenotzt gouf. D'Uschmieren an d'Ausnotzen, dat huet kee genéiert. Ma fir mam Fanger op een ze weisen, dat gouf fir onmanéierlech gehalen. Dofir war de „Rénert“ laang vertuscht ginn.

nom Romain Hilgert



ZÉNGTE GESANK



(...)

41 Den Huer, de Bier, de Wollef,
se stielen, datt et flaamt:
Grouss Schelme gi veréiert,
di butzeg gi verdaamt.

45 D'Welt ass e Sak voll Kriibsen,
wou een deen aner zwéckt;
di iewescht gi gejuppelt,
di ënnescht ginn zerdréckt.

49 „Ja, Monnonk,“ sot den Dächschen,
„wuel wouer ass ler Ried,
ma bei deem ville Schwätzen
vergiesst net, wuer der triet!

53 Friem Feeler kritizéieren
ass etlechmol wuel gutt;
bedenkt Dir och derniewent,
wat Dir alt loosst an dutt?

57 Wien d'Gaassen all wëllt kieren,
dee fënnt dees Dreck eng Mass;
wien d'Boxen all wëllt flécken,
behéil seng eegen zrass.“

(...)